N°8076
Entrée le 07.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht, Interieur, Justiz & Finanzen weiderzeleeden.**

An der Fro n°7942 hunn ech mech eng éischte Kéier bei der Finanzministesch zu den Délégué de gouvernement informéiert. Verschidde Froe bléiwen awer nach a verschidden Äntwerte vun der Ministesch hunn nei Froen opgeworf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°8 hat d'Madamm Ministesch erklärt:

   *"Eng Rei Ministèren hunn en eegenen Budgetskredit den als „Frais de contentieux" libelléiert ass an doriwwer ginn all d'Affekotskäschte bezuelt, souwuel déi virun den zivile Geriichter wéi déi virun den administrative Geriichtsbarkeeten."*

   Kann d'Ministesch op Grond vun dëse Bugetsartikele soen, wéi oft sech de Staat an deene leschten 10 Joer vun engem/enger Affekot:in vertriede gelooss huet?

2. Wéi vill verschidden Affekoten oder Etuden huet de Staat an deem Zäitraum insgesamt (juridictions judiciaires et administratives) beoptraagt (anonymiséiert no Affekot/Etude an no Joren opgeschlësselt)?

3. Wéi héisch waren déi jeeweileg "Frais de contentieux" pro Ministère an de leschten 10 Joer?

4. Ginn d'Affekotenhonorairen ëmmer am Viraus ofgekläert oder gëtt de Staat dës bei der Ofrechnung gewuer?

5. Wéi oft huet de Staat schonn Affekotenhonorairë kontestéiert, well se ze héich waren?

6. Gi bei groussen Dossieren Appels de candidatures ausgeschriwwen, wou d'Affekoten sech da mellen?

7. Wéi vill Délégués de gouvernement huet den Inneministère an de leschten 10 Joer agestallt a wéi vill sinn et der haut?

8. Wéi vill Délégués de gouvernement huet de Ministère vun der Fonction publique an de leschten

10 Joer agestallt a wéi vill sinn et der haut?

9. A wéi villen Dossieren huet jidderee vun deenen 2 Ministèren an deene leschten 10 Joer (no Joren opgeschlësselt) en Affekot beoptraagt a wéi vill Affekotenhonorairë bezuelt?

10. Wien wielt den Affekot an engem Dossier aus: de Minister oder e Fonctionnaire? Falls leschteres, wéi eng Fonctioun huet deen am Ministère?

11. Wéi vill vun deenen 17,5 Poste fir Délégués si Fonctionnaires Posten?

12. Wéi vill Persounen hunn eng voll Tâche als Délégué? Wéi vill nëmmen eng hallef?

13. Ginn d'Dossieren exklusiv vu den Délégué de Gouvernement betreit oder gi se zum Deel och instruéiert vu Fonctionnairen, déi keng Primm kréien?
    Falls leschteres: No wéi enge Critèren entscheet sech, wéini en Fonctionnaire, deen sou een Dossier hëlleft instruéieren, eng Primm kritt?

14. Wéi eng Critèrë muss e Fonctionnaire erfëlle fir Délégué de Gouvernement ze ginn, ofgesinn dovun, dass een Jurist muss sinn an an deem concernéierte Ministère schafft? D.h. Op Basis vu wéi enge Krittäre gëtt déi intern Entscheedung getraff?

15. Falen ënnert déi 17,5 Posten och déi Fonctionnairen, déi un de Conseil de discipline de la Fonction Publique affectéiert sinn?
    - Wa jo, sinn do Fonctionnairen drënner, déi souwuel an deem Conseil de discipline sëtze wéi och als Délégué de Gouvernement virun de Juridictions administratives agéieren?
        - Wa jo, kréien dës Persounen 1 oder 2 Mol déi Primm de Délégué de Gouvernement fir dës 2 Aufgaben?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten